N° 7480
Entrée le 18.01.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.01.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Januar 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kommunikatiounsminister an d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

De Service fir déi wëssenschaftlech Recherche vum Europaparlament (EPRS) huet am Juli 2021 eng Etüd iwwert de Gesondheetsimpakt vu 5G presentéiert, déi elo eréischt hire Weean déi sozial Medie fonnt huet. Et ass eng Auswäertung vun iwwer 9.000 wëssenschaftleche Studien zu dësem Thema. Behandelt ginn deen aktuelle Frequenzberäich fir mobil Telephonie (3G, 4G a 5G) an –separat- dee vill méi héichfrequente Beräich, dee 5G an Zukunft ofdecke soll. D'Conclusioune sinn dës: am héichfrequente Beräich, deen an Zukunft soll bei 5G agesat ginn, gëtt et nach keng Daten oder Studien, déi adequat sinn. Am Frequenzberäich, deen haut vun der mobiler Telephonie genotzt gëtt, beleeë Studien um Mënsch begrenzt (limited evidence), datt dës Strale Kriibs erreege kënnen esou wéi d'Fruuchtbarkeet vun der Fra an d'Entwécklung vum Kand am Mammebauch beaflosse kënnen. D'Studie beleeën genuch (sufficent evidence), datt d'Fruuchtbarkeet vum Mann erofgesat gëtt. Studien um Déier si méi eendeiteg: hei ass och de Beweis vun der Kriibs-Erreegung méi däitlech.

An dem Kontext, wéilt ech dës Froen un den Här Kommunikatiounsminister, d'Madamm Gesondheetsminister an den Här Bausseminister riichten:

1. Huet dës Meta-Etüd Konsequenzen op d'5G-Strategie vun der Regierung? Wa jo, wéi eng?
2. Ass d'Regierung bereet, fir sech an der EU fir méi streng Normen anzesetzen?
3. Ass d'Regierung bereet fir Solutiounen ze ënnerstëtzen, déi méi op fix Glasfaser-Netzer setzen?
4. Ass d'Regierung bereet fir wëssenschaftlech Fuerschung ze ënnerstëtzen, déi de Gesondheetsrisiko vun den héije 5G-Frequenzen zum Objet huet?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten